

Eis Sprooch an der Schoulgeschicht ... (1)

... eng laang Strépp, déi et iwwerhaupt emol eng Diplomaar-becht wert wier, an zwar vum „gesetzlechen“ Ufank u bis haut. Ech wetten, et giff esouguer fir eng Zort „Suite“, fir e Bachelor > Master 1+2 > Doktorat duergoen!

Et wier ze hoffen, datt deen neie Gremium fir eis méi jonk Geschicht sech deer Saach zerguttst giff unhuelen, well déi Zäit virum an iwwer dem 1. Weltkrich jo och esou „munneches“ hei lass war ... och **d'Angscht ëm eis national Souveränitéit, déi ëm siwen Ecke gelauert huet** ... déi z. B. de Fong vum „Siggy vu Lëtzebuerg“ (Prof. Dr. Lucien Koenig) senge Reaktioun war ... **et geet net duer, dat flappeg als „Nationalismus“ ofzestempelen** an ze klasséieren, ze „ringardiséieren“, wéi et op Franséisch heescht.

D'Lëtzebuergesch krut säi Recht **an der Schoul offiziell duerch d'Schoulgesetz vum 10. August 1912**. Vun deem politeschen „Hummer“ ass leider nëmme dat aremséilegt Gebutteks rondrëm d'Roll vun der Kierch an der Schoul ze fanne gewiescht. Den deemolege Bëschof Koppes, en tockege Patréiner, huet, och duerch säin onglécklechen Afloss op déi bluttjonk an iwwerfromm Groussherzogin Marie-Adelheid, eng politesch Kris erausgekëddelt, déi e Rateschwanz vu fundamentalen, net grad immens positive Follegen hat. Mä dat ass eng aner Gei. **D'Saach vun eiser Sprooch ass doduerch ower souzosen „an de Biischteschaf“ gestallt ginn.**

Op der Basis vun deem nei-gestëmmte Schoulgesetz krut dann de Professor Nik. Welter d'Commande, fir e Schoulbuch fir Lëtzebuergesch auszeschaffen. Deen eminent dichtege Literaturspezialist, deen sech ewell eng Dose Joer virdru mat sengem Buch „Die Dichter der luxemburgischen Mundart“ (1906) wéi mat der Popularitéit vum Michel Rodange sengem Reenert en Numm gemaach hat, huet sech fir eng verstänneg Schreifweis/Orthographie säin dichtege jonke Kolleg René Engemann bäigehol. Sou ass dann 1914 dat alleréischte Schoulbuch fir Lëtzebuergesch entstan: „Das Luxemburgische und sein Schrifttum“; wa vu „Schrifttum“ rieds ass, kann dat sech jo logescherweis nëmme ëm d'Literatur, also Geschriwwenes, an eiser deemoleger Sprooch dréinen, eng Anthologie, net ëm e pädagogesch-didaktescht Wierk, e gellegt Schoulbuch; et gong leider nëmme ëm „Dichter/Schreiwerten“. Déi zwéin héichgeléiert, talentéiert a promovéiert Professere waren nun emol keng Pädagogen am Sënn vum Ausdrück! ... **dee ganze Komplex schoulméisseg opzeschaffen, dat wier kloererweis d'Aarbecht fir „gestane Praktiker“ gewiescht.** Egal wéi, d'Bichelchen (hei nienendrun déi original Photo vum Titelblatt) huet et ronn zwou Generatiounen laang „gepackt“, well nun emol keen an och kee Schoulleit-Grupp sech fonnt huet, fir d'Verschaffe vun eiser Sprooch mat normalem „Material“ als Léierfach unzepaken!



Gelungenerweis war „Lëtzebuergesch an der Schoul“ – dat jo op der Zensur op viischter Plaz als „Langue et littérature luxembourgeoise“ getrount huet – **just am Gebrauch, fir e puer Gedichtercher ze léieren** ... déi dann och zesoe jidderee kann huet. Mä domat hat et sech! Et guff keng Zeil geschriwwen; kee Lëtzebuerg huet geléiert, e puer Sätz schréiftlech ze babbelen; et gong kee Spoun rieds iwwer zerguttstert Lëtzebuergesch; **dat genannt Schoulbuch war zu 70 Prozent ... op Däitsch!** Kee Stëbskär Normaltext op Lëtzebuergesch ... hei och nach, wat den Auteur esouguer an sengem „Vorwort“ zumbeschte ginn huet: *Der Lehrer (soll) seinen Schülern gelegentlich erzählend vermitteln; eine selbständige Behandlung, und noch viel mehr ein Auswendiglernen bleibt ausgeschlossen ...* Batschdeg! Dat just bei engem Buch voller Spréchercher a Gedichter! Dat ass, wéi wann een engem e Vello keeft, ower hien därer just op d'Schell drécken. Dogéint huet keen an näischt sech geréiert, 26 Joer laang! Bis 1940 huet dëst gutt mä pädagogesch/didaktesch falsch gemengtent Bichelchen dann dorëmmer gegeeschtert ... nom Krich hunn den Auteur an d'Famill sech dogéint gestäipt, nei Editionen dovun erauszeginn ... well e „Schreifweiskrich Welter/Margue“ ausgebrach war.

Doduerch huet eis Sprooch an der Schoul komplett brooch geleëen. Och déi dichtegst Schoulleit an hir Federatioun(-en) hunn et net fir néideg fonnt, eiser Sprooch eng éierbar Léier-Roll mat engem „richtege“ Schoulbuch fir d'Fach ze ginn. Dat huet da gedauert ... bis d'Actioun-Lëtzebuergesch sech an de 70er Joere beim Minister Robert Krieps dohantert gesat huet; du sinn da fir de „Primär“ an de „Secondaire“ emol rëm Bicher fir eis Sprooch erauskomm ... net dat Gielt vum Ee, ower et huet sech eppes gemaach, wéi mir da wieder an der KLACK gesinn ... fir datt et, ewéi esou Villes net vergiess oder einfach (apaart vun „Historiker“) iwwergang gëtt.

vum Lex Roth



(Zeichnung: O. Jamison)

14700 Ënnerschrëften, WOW!

Dat sinn der „yett“, wéi si do uawe genge soen ... ower fir eng Fuerderung, déi an der Chamber knapps vun enger Partei esou gedeelt gëtt, esou wéi si gestallt guff: **Lëtzebuergesch als 1. Administrativ Sprooch, also och um juristeschen an anere komplexe Gebitter.** Dat ass et ni ginn, a mir hunn et wéinst der Formatioun vun eise Spezialisten an e sëlliche Fächer am Fong och net néideg gehat. All dat soll/däerf ower net heeschen, **datt sech e ganze Quascht am Sënn vun eiser National-sprooch kann/muss änneren, apaart fir de „grand public“!**

Loosst mer bei deem ganze Gerondrëms emol en etlech ganz wichteg Saachen net iwwergoen:

– Mir hunn zënter 1984 e Gesetz, dat dem Lëtzebuergesch en seriös Roll gëtt; **op deer Basis wier immens vill verstänneg ëmzesetzen** ... bis elo ass rosewéineg geschitt! Wien huet et iwwregens ewell zerguttst gelies?

– Mir hunn äis net ëmsoss zënter ronn 15 Joer (100 % onpolitisch!) dofir kristillegt an agesat, datt d'Sprooch vun eisem Land och **eng besonnesch Plaz an eiser Verfassung** soll kréien, esouguer eng Brochure driwwer gemaach (déi nach ze kréien ass!); et ass, no de Wieder vum Commissiouns-President Alex Bodry, sougutt ewéi sécher, datt d'Lëtzebuergesch an ee vun den éischten Artikele vun eiser „neier“ Constitutioun festgeschriwwen gëtt ... wourun dann och all Parteien hire Verdéngscht sollen hunn!

– No deenen zwou legale Méiglechkeeten dierft et net ze problematesch sinn, och **deen offizielle Gebrauch vun eisem nationalen Idiom verstänneg mat „Arrétéen“ a Reglementer kloer ze ëmschreiwene**. Och dat, wat mir an deem Sënn gär an der Europäescher Unioun géngen duerchsetzen.

– Eng Commissioun (déi schonn als „Conseil pour la langue luxembourgeoise“ besteet!) soll sech ëm den Detail vun de Propositione bekëmmere.

D'Actioun-Lëtzebuergesch seet jidderengem merci fir all verstänneg Proposen ... a wier dofir och frou, wann sech der vill als Stäip gënge Member vun der AL maachen ... zwar keng 14000 ... mä ëmmerhin.

Alles elauter Spezialisten

Wat iwwer d'Liesen- a Schreiw-Léieren oder eis Sprooch um Schoulgebit gesot, geschriwwen ... vrun allem „gemengt“ gëtt, **dat geet bal op keng Kouhaut!** Do hu mir dee schéine Sproch: Wie mengt, dee ...!

Gelungenerweis gëtt et dees Gemierwels vrun allem vu **Leit, déi selwer nach knapps oder bal net vrun enger Klass gestan hunn**, fir Klengen a Groussen an der Primär- pardon Grondschoul, dem Secondaire oder an Owescoursen eppes vun/an eiser Sprooch bäizebréngen. Do solle „Soziologen“ sech wa méiglech eraushalen; hei sinn „Didaktiker“ a Pädagogen, vrun allem PRAKTIKER an hirer Roll.

Mat eiser Alphabetisatioun iwwer d'däitsch Sprooch si mir bis elo net schlecht gefuer; schléisslech ass d'Sprooch vum Land (wann och net an alle Familien) nun emol eng germanesch, genee wéi an Holland oder de skandinavesche Länner. Datt d'Franséisch am 2. Schouljoer bäikomm ass, war keng iwwel Saach. D'Kanner vum 3. Schouljoer un och mat deer Basis bei geschriwwent Lëtzebuergesch ze féieren, hätt villes fir sech. E „basic“ Englesch wier vum 6. Schouljoer un, mat deem Fong vu virdrun, och keng Hexerei. Firwat dann elo alles wëllen op d'Kopp geheien?

Natierlech kënt elo d'Ursach vun de villen „auslännesche“ Kanner an d'Spill ... an et gëtt vergiess, datt dat nach laang net elauter „romanophon“ Männercher sinn! Wéi ass et da mat deene kroateschen, serbeschen, kosovareschen, engleschen, a wéi mat deenen aus hei vir aus dem Osten, aus Asien oder Afrika?

Iwwerleet emol wéi et am Frankräich oder anglophone Länner ass: **Bei deenen enge ginn 30 Prozent vun de Bustawen iwwerhaupt net gelies; déi aner schwätze Vokale bis op sechs verschidde Fassongen** aus ... an ower geet et. Firwat? ... Also. Da loosst mir net esou „méckepéilereg“ an „äppeldänzeg“ sinn ... an emol **drun denken, aus wéivill verschiddene Sproochen d'Leit/Kanner kommen!**

Muss dat sinn?

Egal wéi dir zu der „Petitioun 698“ stitt ... et däerf **net „egal wat“ vu Lëtzebuergesch** sinn! Wéi z. B.: *eng Feier begoen, déi stattfënn* (si ass/gëtt gehal) – *si steet an d'Haus* (ass geschwënn) – *a gëtt flott verbruecht* (gëtt flott gehal) – *et gëtt mat Champes ugestouss* (geprost) – *bei grousssem Wuelbefannen* (et gëtt sech gefreet) – *an enger beuechtlecher Unzuel vun Amusementer* (enger ganzer Partie vun ...). Huet dir iech och alt ewell **gefrot, firwat mir sou licht am Däitschen doruechter laatschen** ... a firwat esou sëlliche Leit sech iwwer déi vill méi rar franséisch Ausdréck an d'Sträng geheien?

Walfer Bicherdeeg (19. + 20. November)

Eng vun deene beschte kulturellen Organisatiounen aus dem Land! Eng gelleg Goldgrouf fir all Bicherfrënn. Maacht iech e schéine Samschdeg oder Sonndeg. D'ACTIOUN-LËTZEBUGESCH ass och do; kommt bei äis ... et wäert iech net leed dinn!